

M. le Président. - Den nächste Riedner ass den Här François Bausch.

M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Jo, Här President, ech kann et och kuerz maachen, well den Här Hauptert huet ausgiebig hei d'Technicitéit vum Projet erkläert. Ech wëll vläicht just awer soen, datt et net richtig ass, gëschter an der Kommissioun ass vun engem Vertrieeder d'Impressioun opkomme gelooss ginn, wéi wann dee Projet hei ausschliesslech géing gemaach gi weinst AOL an Amazon.

Et ass esou, datt effektiv de Projet sécherlech beschleunegt ginn ass, datt mer e relativ séier dowéinst ëmsetzen, an dat fannen ech och gutt, mä ech mengen et ass awer och esou, datt dee Projet hei wichtig ass aus deenen anere Grënn, déi den Här Hauptert och hei gutt erkläert huet.

Nämlech éischstens d'Distorsion de concurrence, déi haut scho besteet fir Betriber innerhalb vun der Europäescher Union par rapport zu Pays tiers, am Kontext virun allem vum Commerce électronique, an dat soll een alles net ënnerschätzen, well ech sinn der Iwwerzeugung et gëtt verschidde Branchen haaptsächlech am Déngschtleeschtingsberäich, haaptsächlech och am Beräich vum Tourismus zum Beispill, wou de Commerce électronique eng immens Envergure scho kritt huet an déi Envergure, déi gëtt ëmmer méi grouss mat enger enormer Vitesse. Et sinn ëmmer méi Leit, haaptsächlech jonk Leit, déi de Commerce électronique benotzen, a wat e méi sécher gëtt - an e gëtt ëmmer méi sécher an deenen nächste Méint a Joren -, gëtt dat e Beräich, deen immens zouhuele wäert, well e virun allem praktesch ass, well een och vill Méiglechkeeten huet fir Vergläicher ze maachen iwwer Internet, zum Beispill vu Präisser fir verschidde Saachen, déi ee kafe wëllt.

An deem Sënn ass et och wichtig, dass dee Projet hei relativ séier ofgestëmmt gëtt, an net nëmme well mer zwee grouss Fësch un der Angel hunn, déi mer aus deene bekannte Grënn gären op Lëtzebuerg hätten, mä och am Intérêt vun der Ekonomie insgesamt an am Intérêt vum Consommateur. Mir hunn dofir guer kee Problem, fir dese Projet ze stëmmen.

M. le Président. - Als leschten Diskussiounsriedner huet de Kolleeg Serge Urbany d'Wuert.

M. Serge Urbany (*déi Lénk*). - Här President, den Här Bausch huet sécherlech Recht, wann hien hei seet, dass dee Projet de loi net zrëckzeféieren ass op d'Presenz vun AOL an Amazon hei zu Lëtzebuerg, mä op eng europäesch Direktiv.

Dat eenzegt, wat op déi Presenz zrëckzeféieren ass, dat ass déi Vitesse mat deem de Projet de loi elo ofgewéckelt gëtt, wann ee bedenkt, dass en eréischt de 24. Abrëll vun dësem Joer déposéiert ginn ass, nodeem dat bekannt gi war, an dass all d'Avisen innerhalb vun zwou, dräi Woche komm sinn, inklusiv gëschter eréischt de Schlussrapport vun der Kommissioun a mer haut schonn driwwer ofstëmmen, wat et natierlech néideg gemaach huet fir sech an enger ganz kuerzer Zäit an dee Projet de loi eran ze knéien. Ech hu mer déi Méi gemaach, anerer heibanne schéngé méi légère doriwwer ewechzegoen.

Déi europäesch Direktiv ass drop zrëckzeféieren, dass wat d'TVA ugeet, deenen europäeschen E-Commerce-Firmen, dat heescht déi, déi Bicher, Toundokumente, Filmer, Computerprogramme iwwer Internet ubidden, hir Situatioun bis elo ongëschteg geregelt war, doduerch dass d'TVA facturéiert gouf nom Sätz vun der Firma, och wann hir Clienten net an Europa waren, awer dass déi Firmen aus

Drëttlänner, déi Servicer an Europa ubidden, keng TVA bezuelen. Dat heescht um Export läit d'TVA. Um Import zum Beispill aus den USA, déi jo wierklech marktführend an deem Beräich sinn, läit keng TVA.

De Rapport schwätzt do zu Recht vun enger Distorsion vun de Wettbewerbsbedingungen. D'Direktiv vun 2002 seet, a si mécht dat och géint de Widerstand vun deenen, déi e steierfräien E-Commerce verlaangen, zum Beispill an den USA, dass generell op E-Servicer, déi an Europa gelescht ginn, eng TVA muss opgehuewe ginn, egal vu wou aus déi Firma operéiert, och wann dat aus dem Ausland ass. Wa se hire Sätz am Ausland huet liwwert se déi encaisséiert TVA bei engem vun den EU-Länner of, bei deem se sech enregistriert, an dat Land leet d'TVA da weider. Facturé ginn ausgestallt vun de Firmen nom TVA-Saz, deen an den europäesche Länner existéiert, wou d'Clienté vun deene Servicer wunnen.

Et gëtt awer eng notabel Ausnahm fir eng begrenzten Zäitperiod vun dräi Joer, wou muss frësch verhandelt ginn. Dat ass, wann europäesch Firmen u Privatleit an aneren europäesche Länner Prestatiounen maachen, da maachen se dat nom Taux, deen an deem Land besteet, wou se etabléiert sinn an net an deem Land, wou de Consommateur wunnt. Dat ass eng Regelung, déi ganz staark ëmstridden ass, an do si mer bei der aktueller Diskussioun iwwer AOL an Amazon. Drobber hin hunn déi zwou amerikanesch Firmen decidéiert sech hei zu Lëtzebuerg ze etabléieren, do wou jo de Basis-TVA-Saz am niddregsten an Europa ass.

Dat heescht, dass wann Amazon eng Bicherbestellung kritt aus Schweden, do wou den TVA-Saz mengen ech 25% ass, facturéiert se eng TVA vu 15%, dat heescht de schwedesche Client huet en Advantage vun 10% an déi Leit kommen dann natierlech alleguerter bei Amazon zu Lëtzebuerg kafen a Lëtzebuerg kasséiert d'TVA. Dat heescht natierlech och, dass Lëtzebuerg vu sengem niddregen TVA-Saz vu 15% profitéiert, sech domat e Wettbewerbsvirdeel verschafft par rapport zu anere Länner, an et incitéiert och Firms sech op Lëtzebuerg ze délocaliséieren, net nëmme amerikanescher, mä och europäescher.

Et ass wouer, deen niddregen TVA-Saz zu Lëtzebuerg, d'Regierung seet dat ëmmer, och zu Recht, ass net fir AOL gemaach ginn. En ass e Bestanddeel vun enger Politik vun niddregen indirekte Steieren, déi och eisen Appui huet, well mir wëssen alleguerter, dass indirekt Steieren ongerecht sinn. D'Aarbechterkummer seet zu Recht, deen niddregen TVA-Saz misst generell och zu Lëtzebuerg bäibehale ginn. Ech géif souguer soen, och déi reduzéiert TVA-Sätz misste generell bäibehale ginn, zum Beispill dee vun 3% op de Bicher an de Geschäfte. Et misst een déi Regelung op jidde Fall bäibehalen, fir dass den Handel zu Lëtzebuerg en Advantage behält par rapport zum Handel iwwer Internet.

Et bleift onsécher weiderhin, well et si vill Widerstänn dergéint, dass déi aktuell Regelung bäibehale gëtt. D'Regierung hofft, dat huet se gesot, dass déi Firmen awer bleiwe wäerten, well se och aner Avantagen hunn.

Ofschléissend wëll ech nach e puer allgemeng Saache soen. Ech sinn der Meenung, dass ee längerfristeg an Europa misst zu enger Steierpolitik komme vun direkten europäesche Betribssteieren op engem relativ héijen Niveau, dat heescht, do wou de Räichtum geschäfe gëtt soll en ofgeschöpft ginn, eventuell gestaffelt no differenziéiert sozialen an ekologesche Kritären, an dat Ganzt misst begleet sinn, menger Meenung no, vun enger Harmoniséierung vun der TVA an Europa um ënneschten Niveau.

De Moment awer huet Lëtzebuerg souwuel déi niddregst direkt Steiere wéi och déi niddregst indirekt Steieren an Europa. An ech sinn der Meenung, an do si mer e bëssen an der Diskussioun vu virdrun iwwert de Budget, dass dat net opgoe kann. Doraus ka keen héije sozialen an ekologesche Standard entstoën, weder bei eis hei nach an der Groussregioun ronderëm. Ech mengen, dass Lëtzebuerg net ëmmer weider kann Aktivitéiten unzéien no Dumpingsbedingungen, ouni och gläichzäiteg seriö ëmzeverdeelen.

Fir mengem ongudde Gefill Ausdrock ze gi bei där ganzer Entwécklung, wat net onbedéngt eppes direkt ze dinn huet mat deem Gesetzesprojet hei, deen een isoléiert eventuell kéint stëmmen, wëll ech mech awer bei dësem Projet enthalen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der Regierung a virun allem vum Finanzminister, dee fir d'TVA-Législatioun zoustänneg ass, awer zu Thessaloniki um Sommer ass, géing ech der Chamber wëlle merci soen, virun allem dem Rapporteur, dem Här Hauptert, mä och deenen anere Kollegen aus der Kommissioun, déi hei schnell dese Projet de loi gekuckt an hir Analys dovun gemaach hunn.

Schnellegkeet fannen ech, contrairement zum Här Urbany, eppes Positives. Mir sollen eis dach freeën, dass mir et fäerdeg bréngen an engem breede Konsens zu Lëtzebuerg Gesetzer net jorelaang schleefen ze loossen. Zënter Abrëll bis Enn Juni, dat ass jo och net nëmme een Dag. Ech fannen et positiv, wann d'Leit en Text seriö kucken an dann och schnell kënnen hir Meenung dozou soen. Dat ass hei geschitt.

Dëst Gesetz ass fir d'Regierung, an ech stelle fest fir déi ganz breet Majoritéit vun dësem Haus, e wichtig Gesetz fir de Lëtzeburger Standuert. Och dofir misst am Fong all Deputéierten derfir sinn. Ech stellen hei déi konstruktiv Haltung vun dem Gros vun den Oppositionsparteie fest. Et ass e wesentlecht Gesetz fir de Wirtschaftstanduert Lëtzebuerg, awer och fir e fiskalesche Kader dem Commerce électronique ze ginn an en domadder méi unzekerbelen. Dat ass einfach eppes, wat een an dëser Zäit an engem Konkurrenz-kader an Europa braucht. Mir wëlle gëtt sinn an deem dote Secteur an dofir musse mer eis déi Instrumenter ginn opgrond vun deenen Texter, déi Europa eis erlaabt.

Hei setze mer d'Direktiven ëm a gebrauchen dee Spillraum, deen d'TVA-Direktiv, och déi, déi mer 1991 ugeholl hunn, wat d'Sätz ubelaangt, eis gëtt. Dat hei ass positiv fir déi Betriber, déi kommen, a fir déi Betriber, déi do sinn. Et ass richtig, dass den Här Bausch dat nach eng Kéier extra ënnerstrach huet. Ech freeë mech iwwert déi Betriber, déi kommen. Mech stéiert dat net, vläicht anescht wéi den Här Urbany, dass dat amerikanesch Betriber sinn, ganz am Géigendeel. Ech hätt gären, dass Betriber aus Drëttstate kommen, well se hei dat richtig ëmfeld virfannen.

Ech wëll lech just soen, dass déi Betriber och net nëmme komme weinst der TVA-Gesetzgebung. Ech war bei verschiddene vun deene Gespréicher an Amerika d'lescht Joer dobäi, an do hu se och op d'Telekommunikationsinfrastruktur higewisen, do hu se op déi schnell Décisiounen higewisen,

op den direkten Accès zu den Autoritéiten, op dat méisproocheg Personal, wat se hei virfannen.

Et gëtt also eng ganz Rei vu Facteuren, déi zesumme selbstverständlech mat der fiskaler legislativer Gesetzgebung dozou féieren, dass esou Betriber op Lëtzebuerg kommen. Et ass och eng administrativ Vereinfachung fir déi Betriber, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn. Och an deem Sënn gëtt hei eng Regierungspolitik ëmgusat an d'Regierung seet duerfir all deene Kollege merci, déi dësen Text positiv begutachtet hunn a si seet och am Viraus merci fir déi positiv Ofstëmmung, déi sech schéngt hei erauszeschelen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5122 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 5 si gelies an ugeholl.

Domat wier d'Lecture ofgeschloss a mir kéimen zum Vote vum virleiende Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthal sech.

De Projet de loi 5122 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen an enger Abstentoun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

7. 5083 - Projet de loi sur l'affectation de l'ex-cédent des recettes de l'exercice 2001 (suite)

Da stëmme mer och elo nach of, dat heescht mir maache fir d'éischt d'Lecture vun den Artikelen vum deem Projet virdrun. Do war d'Discussion générale ofgeschloss. Dat ass de Projet 5083 iwwert d'Iwwerschëss vum Joer 2001.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5083, deen iwwert d'Iwwerschëss vum Joer 2001.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthal sech.

De Projet de loi 5083 ass ugeholl mat 33 Jo-, 13 Nee-Stëmmen an 13 Abstentounen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Betten-dorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Ont voté non: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Dann hu mer nach eng Motioun hei, déi den Här Alex Bodry abruecht huet. Déi Motioun ass verdeelt ginn. Si ass explizéiert ginn an ech menge mir kéinten dofir och direkt zur Ofstëmmung iwwergoen.

Ass e Vote électronique verlaangt?

(Assentiment)

Also da stëmme mer elektronesch driwwer of.

Mir mussen ee Moment waarden.

Mir stëmmen also of iwwert d'Motioun vum Här Bodry.

Vote

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthal sech.

D'Motioun ass ofgeleent mat 33 Nee- a 26 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Mars Di Bartolomeo);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Ont voté non: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-

Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach.

Da kéime mer elo zum nächste Punkt. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 4807 iwwert d'Pratiques commerciales restrictives. Et sinn ageschriwwen: den Här Clement, d'Madame Delvaux an den Här Greisen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

8. 4807 - Projet de loi portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application

1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives

2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome

3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. John Schummer (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4807 portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application 1. de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives 2. du règlement n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome 3. du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises viséiert déi Lëtzebuergesch Léglatioun en conformitéit mat dem CEE-Reglement Nummer 659/1999 vum Conseil vum 22. Mäerz 1999 ze setzen.

Méi spezifesch geet et drëm de Règlement de procédure, deem d'Modalitéite betreffend d'Kooperation zwëschen der europäescher Kommissioun an deenen eenzelne Memberstaten, wat d'Aide de l'Etat ugeet, ze adaptéieren. Dese Projet gesäit vir de Champ d'application vum Gesetz vum 2. September 1993 ze erweideren. Dëst Gesetz vum 2. September 1993, wat d'Konditiounen fir d'Kontrolle vun de Pratiques commerciales restrictives fir d'Kommissioun erlabe soll, gëtt also adaptéiert.

Dese Projet ass den 13. Juni 2001 déposéiert ginn. De Conseil d'Etat ass den 22. Mee 2001 domat befaasst ginn an hien huet och säin Avis den 22. Oktober 2002 ofginn an huet an dësem Avis och verschidde Verbesserungsvirschléi gemaacht. Den 11. Mäerz 2003 huet eis Kommissioun meng Weinegkeet als Rapporteur désignéiert, de Projet an den Avis vum

Conseil d'Etat examinéiert, an den 2. Juni 2003 ass de Rapport an der Kommissioun eestëmmeg och ugeholl ginn.

De Conseil d'Etat hat a sengem Avis eng Partie Problemer wat d'Befugnisser vun de Beamten ugeet, déi Kontrolle vu Säite vun der Kommissioun duerchféieren. Et gëtt ebenfalls preziséiert ënnert welcher Form déi Lëtzebuergesch Beamten do solle matwierken. D'Detailer sinn am schrëftleche Rapport an allen Detailer nozeliesen.

D'Kommissioun vun der Economie, der Energie, der Post an dem Transport hei aus der Chamber huet déi Remarque vum Conseil d'Etat och ugeholl a biet d'Chamber dësen amendéierten Text, deen aus dräi Artikele besteet, esou unzehuelen. Ech bréngen heimat ebenfalls och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Den Här Clement huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Clement (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur John Schummer merci soe fir säi schrëftlechen an och säi mëndleche Rapport. Ech gi gären zou, zu dësem Projet ass am Fong net allze vill ze soen an de Rapporteur huet déi verschidden Dispositionnen aus dem Text och scho gesot.

Ech wëll just ee Wuert, Här President, zum prakteschen Oflaf vun esou engem Contrôle soen, deen am Kader vun den Aides individuelles duerch déi europäesch Instanzen duerchgefouert gëtt. Wa Soupçonë bestinn iwwert d'Legalitéit vun Aiden, da mécht d'Kommissioun Preuen. Ech mengen dat ass och net nëmme bei deenen heiten Aiden de Fall. Dat kenne mer och aus der Landwirtschaft, datt esou Preuen duerchgefouert ginn. Et gëtt national mandatéiert Agenten, déi kënne bei esou enger Kontrollvisite dobäi sinn, mussen et awer net. Si sinn awer au contraire obligéiert dobäi ze sinn, wann de Betrib Schwieriegkeet mécht an esou eng Preuve net wëll zouloosen.

De Conseil d'Etat huet a sengem Avis bemängelt, datt den Text net wäit genuch géif goen, esou datt déi Kommissioun nëmmen Zougank huet op déi Dokumenter a Piëcen, déi sur place ze fanne sinn. An deem Fall, wou de Betrib sech géif opposéieren, missten natierlech déi national Agenté fir e reibungslosen Oflaf vun esou enger Preuve suergen. Ech géif soen am Fall vu Litigé gesäit d'Gesetz och vir, datt eng Kooperatioun tëschent zwee Etats membres méiglech ass. Selbstverständlech, an ech fannen dat och eng gutt Saach, ass och de Pouvoir vun den Agenten iwwert dëst Gesetz geregelt. Dat sinn, Här President, déi wesentlech Punkten, déi an der Praxis dat Gesetz elei hiergëtt. Ech bréngen och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet d'Madame Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Merci, Här President. D'Particularitéit vun dësem Gesetz ass, dass den Titel wahrscheinlech méi laang ass wéi de Corps vum Gesetz, wat awer keng Ursach ass, fir net dermat d'accord ze sinn, dass de Ministère de l'Economie sech dee Moyen gëtt fir sengen Obligatiounen kënne nozekommen, a wann d'Kommissioun Kontrolle muss maachen a Betriber, dass dann de Ministère de l'Economie hir kann assistéieren.

An deem Sënn géif ech och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet bréngen. Merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Greisen agedroen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, ech wëll och just den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, mir sinn och d'accord mam Projet.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Minister Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, ech wollt der Chamber merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Text.

M. le Président.- D'Diskussioun wier domadder ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi 4807 ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer (par M. Lucien Clement), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Claude Meisch), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Kriepps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jos Scheuer), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké) et Marc Zanussi (par M. Alex Bodry);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4997, engem Protokoll zur Loi uniforme Benelux iwwert d'Marken. Et sinn ageschriwwen: den Här Hauptert, d'Madame Delvaux-Stehres an den Här Greisen.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här John Schummer.

9. 4997 – Projet de loi portant approbation du Protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

M. John Schummer (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 4997 portant approbation du protocole portant modification de la loi uniforme Benelux sur les marques, signé à Bruxelles, le 11 décembre 2001, ass den 23. Juli 2002 hei an der Chamber déposéiert ginn. Den 3. Juli 2002 huet de Conseil d'Etat de Projet soumetéiert kritt a säin Avis ass den 10. Dezember 2002 mat verschiddene Verbesserungsvirschléi erëm zrëckkomm.

A senger Sitzung vum 11. Mäerz 2003 huet d'Ekonieskommissioun hire President, dat heescht meng Weinegkeet, als Rapporteur vun dësem Projet désignéiert. An därselwechter Sëtzung sinn dunn de Projet de loi an den Avis vum Conseil d'Etat examinéiert ginn. De Rapport gouf an der Sitzung vum 2. Juni 2003 eestëmmeg ugeholl.

D'Direktiv 89/104/CEE vum 21.12.1988 hat virgesinn déi Léglatiounen vun de Memberlänner a Bezuch op d'Marke méi ze rapprochéieren. Wéi 1992 d'Benelux-Länner dës Direktiv ëmgesat hu war décidéiert ginn eng minimalistesch Approche zu där Problematik ze huelen, dat heescht eng Adaptation vun der Loi uniforme nëmme op deene Punkten, déi net kompatibel mat der Direktiv waren.

D'Pratique vum Droit huet awer iwwert d'Joren ewech gewisen, dass dës Approche net duer gaangen ass fir all d'Problemer ze évitéieren, esou d'Affä Sabel B.V. géint Puma AG, déi am Detail am Exposé des motifs ausféierlech nozeliesen ass, déi e Musterbeispill ass.

Och gesäit de Protokoll d'Aféiere vun enger Procédure d'opposition vir. D'Aféiere vun engem Registre des mandataires en marques wäert et erlaben innerhalb vum Benelux méi effizient d'Qualifikatioun vun de Mandatairé vun de Marken ze kontrolléieren an hinnen eng Qualifikation Benelux ze verschafen, déi hinnen et erlaabt och an anere Länner vun der Communautéit unerkannt ze ginn. Déi Lëtzebuerger Mandatairen hu keng Problemer, vu dass hir Qualifikatioun duerch eis Gesetzgebung définéiert ass, wat an Holland an an der Belsch eréischt geschéie muss.

(Coups de cloche de la Présidence)

Eis Kommissioun huet ebenfalls constatéiert, dass dësen Text eng ganz kuerz Durée de vie wäert hunn, well eng nei Konventioun Benelux en matière de propriété intellectuelle amgaang ass finaliséiert ze ginn. Si ass an der Chamber am Kader vun der Lëtzebuerger Présidence vum Benelux-Parlament virgestallt ginn. D'Kommissioun huet d'Propositioone vum Conseil d'Etat alleguerten ugeholl.

An der Kommissioun hirem Numm bieten ech d'Chamber dësen Text ze stëmmen. All aner Detailer sinn am schrëftleche Rapport nozeliesen. Ech bréngen och den Accord vun der demokratescher Fraktioun.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als éischte Riedner ass den Här Norbert Hauptert agedroen. Den Här Hauptert huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Norbert Hauptert (CSV).- Här President, de Rapporteur, den Här Schummer, huet alles gesot, wat zu dësem Gesetzesprojet ze soen ass. Erlaabt mer just op de

Régistre des mandataires en marques kuerz anzegoen.

(Coups de cloche de la Présidence)

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg schonn esou e Regëster am Wirtschaftsministerium. Fir do kënne agedroen ze gi muss een eng Autorisation d'établissement vum Mëttelstandsminister hunn. Fir déi ze kréien, muss een eng seriö Qualifikatioun hunn, déi op engem Certificat de réussite berout vun engem Examen am Beräich vun der Propriété industrielle, engem Examen, deen op europäeschem Plang ofgehele gëtt oder vun engem Universitätsdiplom an de Beräicher vun den techneschen oder juristeschen Disziplinen mat engem Zousatzstage vun engem Joer. Dat ass eng ganz seriö Qualifikatioun, esou dass mer an deem Beräich net hannendran hänken.

Dat gesot, wéilt ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres (LSAP).- Här President, ech denken, dass dës Modifikatioun vum Protokoll Benelux sécher méi eng grouss Sécuritéit ginn, well se déi Divergenzen an der Interpretatioun zwëschen der Direktiv an dem Text Benelux am Secteur vun de Marken aus der Welt schaffen.

Den Här Hauptert huet grad gesot, dass et zu Lëtzebuerg zwar scho Mandatairé gëtt, mä an der Belsch an an Holland nach net. Dofir ass den Interêt méi grouss fir déi Länner, esou dass ech mengen, dass dat eng gutt Modifikatioun ass, déi jo och net fundamental den Text ännert. Ech bréngen dofir och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Text.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, och ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet de Wirtschaftsminister, den Här Henri Grethen.

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, wéi bei deem Projet virdru soen ech der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 bis 3 si gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4997.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi derfir si stëmme mat Jo, déi dergéint si mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par M. Laurent Mosar), Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick Santer (par M. Norbert Hauptert), Marcel Sauber, Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Théo Stendebach), Emile Calmes, Mme Agny Durdu,